ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister an un dn'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

De Noutstand huet de Verkéier op eise Stroossen ganz staark reduzéiert. Vu villen onerwaart, sinn awer d'Emissiounswäerter vun dëser Situatioun net däitlech betraff. Manner onerwaart, well vill Experte schonn ëmmer drop higewisen hunn, datt vill fei Stëbspartikelen an der Natur virkommen, ass och den Undeel u Feinstëbs net signifikant zeréckgaangen. Mee sécher ass, datt de Réckgang vun den Emissiounen net am Verhältnes zum Réckgang beim Autosverkéier ass.

D'Regierungsstrategie fir d'individuell Mobilitéit ze penaliséieren, den Diesel-Motor als onerwënscht ze deklaréieren an E-Mobilitéit ze favoriséieren, baut awer op d'Argument, datt den Individualverkéier Haaptverursaacher vun den héije Stéckstoff- a Fäinstëbs-Wäerter ass. Duerfir hätt ech dës Froen uun d'Regierung:

1. Kann d'Regierung d'Zuele vum Réckgang vun den Emissioune bei CO2, Stéckstoff a Feinstëbs esouwéi d'Zuele vum Réckgang vum Autosverkéier wärend dem Confinement publizéieren?
2. Iwwerleet d'Regierung, hir Mobilitéitsstrategie ze revidéieren, wann déi nei Miessunge vu Schuedstoffer weisen, datt den Individualverkéier net deen erwaarten Afloss op d'Emissiounen huet an also net esou ëmweltschiedlech ass, wéi bis elo ugeholl?
3. Wéi wëllt d'Regierung sécherstellen, datt an Zukunft Decisiounen, déi Bierger grousse finanzielle Schued kënne bréngen, objektiv an op enger méi gesécherter wëssenschaftlecher Basis gefaasst ginn?
4. Déi deels gravéierend Nodeeler vun der Elektromobilitéit sinn an de leschte Méint jo vill diskutéiert ginn. Ass deen duerch déi aktuell Miessungen erbruechte Beweis, datt weder bei de Stéckstoff- nach bei de Stëbsemissiounen, den Auto als haaptverantwortlech kann ugesi ginn, Grond genuch, fir hir Aféierung méi lues a reflektéiert ze maachen, fir den Ingenieuren Zäit ze ginn, esou wuel bei der Stroumversuergung wéi och bei der Batterietechnologie a virun allem de Materialien, ëmweltfrëndlech Léisungen ze fannen, déi och net op Kanneraarbecht zeréckgräifen?

5. Gesäit d'Regierung och vir, Besëtzer vun Diesel-Autoen, déi duerch falsch Behaaptungen a Regierungsmoossnamen e grousse Wäertverloscht op hire Gefierer erfueren hunn, ze entschiedegen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742